



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
Präsident vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg de 15. Februar 2023

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Am Artikel "*Vom Airbag-Sensor zur fühlenden Beinprothese*", deen den 10. Februar am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, heescht et, datt an den nächste Jore schrëttweis sämtlech Autoen an der EU d'Opmierksamkeet vum Chauffeur mussen iwwerwaachen. Vun 2024 u ka kee Gefier méi ouni entspreichend Iwwerwaachungsinstrumenter nei immatrikuléiert ginn a bis 2026 mussen sämtlech Gefierer nogerüst ginn.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister matdeelen, ënnert wéi enger Rechtsform dës Moosnam zu Lëtzebuerg gereegelt gëtt a wéi d'Recht op Privatsphär hei geschützt gëtt?
- 2) Fir de Fall wou esou Donnéeën sollten archivéiert ginn, kann den Här Minister matdeelen, bei wéi enger Institutioun déi Donnéeën gespäichert ginn, wéi eng Institutioun Zougang dorop huet a wéi laang se konservéiert ginn? Huet de Bierger eng Méiglechkeet, fir sech géint d'Konservéierung vu sou Donnéeën ze wieren?
- 3) Kann den Här Minister matdeelen, ob Proprietären, déi hir Gefierer norüste mussen, dës Sue vum Staat rembourséiert kréien oder ersatzweis steierlech ofsetze kënnen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten